



Fernand ETGEN  
 President vun der  
 Deputéierte Chamber  
 19, um Krautmaart  
 L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/01/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Am vergaangene Joer huet den Educatiounsministère am Kader vun der Covid-19-Pandemie eng Campagne lancéiert, déi all Kand mat engem Mondschtz a Form vun engem sougenannte "Buff" ausgestatt huet.

Mëttlerweil ass bekannt, dass de Schutz, dee vun engem Buff oder enger Mask aus Stoff ausgeet, net esou héich ass ewéi dee vun enger chirurgescher Mask an och d'Association des Médecins et Médecins-dentistes du Grand-Duché de Luxembourg (AMMD) huet an hirer *Prise de Position* vum 19.12.2020 betount wéi wichteg et wär "en toutes circonstances le port de masque chirurgical dans les espaces publics et privés dès que des contacts auront lieu entre personnes ne vivant pas sous le même toit (en excluant son remplacement par des masques publicitaires ou en buff)" ze imposéieren.

Grad a Schoulen, wou sech an de Gäng vill Leit begéinen an et net ëmmer méiglech ass eng Distanz vun 2m ze respektéieren, ass de Mondschtz eng wichteg Barrière fir d'Ausbreedung vum Virus ze limitéieren.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Deelt de Minister d'Aschätzung, dass e Buff keng esou gutt Protektioun duerstellt ewéi eng chirurgesch Mask?
2. Réit de Minister de Schüler an Enseignanten, trotzdeem weiderhin de Buff vum Educatiounsministère als Mondschtz ze benotzen?
3. Wäert de Ministère e Réckruff fir d'Buffen maachen?
4. Op wéi vill Euro belafen sech d'Käschten, déi duerch den Akaf an d'Verdeelee vun de Buffen entstane sinn?
5. Gouf beim Kaf vun de Buffen drop opgepasst, dass Materialien aus Fair-Trade-



Produktiounen oder aus ökologeschen Hierstellungsprozesser zum Asaz koumen?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

**Ad 1)**

De Choix vum Educatiounsministère fir bei der Reouverture vun de Schoulen am Mee 2020 de Schüler an dem Personal vun de Schoulen an de Betreuungsstrukturen zwee "Buffen" zur Verfügung ze stellen, huet op Etudë vum ECDC (European Centre for Disease Prevention and Control) a Recommandatioune vun der Direction de la Santé baséiert.

Dee Moment, wou d'Buffe fir d'Schoul- a d'Betreiungsecteure bestallt goufen, war e Moment wou d'chirurgesch Masken dem Gesondheetspersonal virenthale waren, an d'Majoritéit vun de Leit sech selwer Stoffmasken zougeluecht huet.

Am Respekt vun de strenge sanitäre Mesuren an den Distanzreegelen, déi mir am Stufeplang an de Schoule virgesinn hunn, sinn esouwuel Buffe wéi och Stoffmasken an och chirurgesch Masken aktuell eng valabel Protektioun.

Och zu dësem Moment gehéieren, laut dem Ministère vun der Santé, déi sougenannten alternativ oder net-medezinesch Masken als Optioun fir de Mond an d'Nues ze bedecken.

**Ad 2)**

Vun Ufank u war et souwuel de Schüler wéi dem Personal iwwerlooss, datt se dee Mond- an Nueseschutz géife wielen, an deem se sech wuelfille géifen.

Zur Verfügung stoung verschidde Méiglechkeeten: D' Buffen, Stoffmasken, déi een sech selwer matbréngt, chirurgesch Masken, vun deenen de Ministère an all Schoul e Stock ugeluecht huet, an neierdénks esouguer FFP2-Maske fir Enseignanten, virdrunner scho fir vulnerabel Enseignanten an Schüler. Soulaang et keng weider Verschäerfung vum Dispositif gëtt, wäert de Ministère och weiderhin dëse Choix vum Mondschutz oprechterhalen.

**Ad 3)**

Nee, dat ass net indiquéiert an dofir net virgesinn. D'Schüler an d'Enseignantë kënnen d'Buffen halen.

**Ad 4)**

D'Buffe goufen am État de crise bei der Firma "Textiss" a Frankräich fir 807.300 € TVAC akaf.

Bestallt goufen 392.000 Buffen, dovunner:

Taille adulte 236.000 ex.

Taille enfant 156.000 ex.

Dat ganz gouf ënnert dem État de crise vun der Arméi a vum CGDIS verdeelt an op Nofro vun de Servicier vum MENJE nogeliwwert.

**Ad 5)**

Beim Choix vun de Buffe gouf, nieft der Qualitéit an de Liwwerdelaian, och drop opgepasst, dass de Fournisseur sech nohalteg an ekologesch engagéiert.